# Quo vadis CMNord?

Guy Engels

Vum Hierscht u ginn d'Stëmmen am Ettelbrécker Conservatoire nei verdeelt. Dirigenten aus de Gemengen Ettelbréck an Dikkrech hunn dat esou décidéiert. D'Bierger aus hiren Uertschafte spillen elo déi éischt Gei. Wien aus den Nopeschgemengen nach wëllt mat an den Orchester kommen, dee muss kräfteg derfir berappen.

Dat gefält net nëmmen deene betraffene Leit net, mä och den Enseignante vum Conservatoire du Nord: Si fäerte fir hir Kuuscht, wann d'Schüler aus den Nopeschgemengen doheem bleiwen an d'Bengele bei Tromm geheien.

Mä loosse mer emol e bëssen Uerdnung an dat Stëmmegewulls bréngen.

Tatsaach ass, datt et Kultur zum Nulltarif net méi gëtt. Besonnesch de Museksunterrecht ass eng ganz opwenneg Saach, well en esou villfälteg ass. Dat fënnt jo och jidderee gutt.

Instrumenter, Nouten, Personal, Infrastrukturen – dat alles kascht Geld, dat alles muss bezuelt ginn. Et versteet een also, datt déi zwou Gemengen, déi d'Haaptlaascht vun de Käschten droen, bei hiren Noperen een Obulus froen.

Mä firwat muss dee vun engem Dag op deen aneren ëm bal 300 Prozent an d'Luucht goen? Ettelbréck huet jorelaang derno gestrieft, datt aus der Museksschoul sollt ee Conservatoire ginn, deen op Aenhéicht mat deenen aus der Stad a vun Esch ass an och ee kompletten Enseignement ubitt.

D'Stad Lëtzebuerg an d'Stad Esch zéie mat hire Conservatoiren zanter Jorzéngte Kanner a Jonker aus den Nopeschgemengen un an hu permanent ënner Plazmangel ze leiden. Hei ass ee sech bewosst, datt een als Conservatoire eng national Verflichtung agaangen ass, déi et net zum Nulltarif ka ginn.

War ee sech däers zu Ettelbréck an Dikkrech net am Kloren, wéi ee sech nom Gesetz iwwert d'Harmoniséierung vum Museksunterrecht och endlech huet dierfe Conservatoire nennen?

Natierlech kënnen d'Gemengepäpp vun haut net fir Décisiounen aus der Vergaangenheet – mä duerfir kënnen d'Schüler an d'Enseignanten awer och net! An awer solle si et sinn, déi d'Käschten aus dem Feier huelen.

D'Enseignante fäerte vrun allem, datt vun deene ronn 1 600 Schüler der vill sech fir dat nächst Joer guer net méi aschreiwen. Domat kéinten natierlech Course wéinst Schülermangel gestrach ginn, Aarbechtsplaze gi verluer – op laang Dauer – soe si – kéint esouguer de Statut vum Conservatoire a Fro gestallt ginn. D'Gesetz vum 24. Abrëll 1998 iwwert d'Harmoniséierung vum Museksunterrecht seet ganz kloer, wéini ee sech Conservatoire däerf nennen a wéini net.

De Moment sinn d'Positiounen tëscht dem Gemengesyndikat Ettelbréck-Dikkrech, der Associatioun vun den Enseignanten an och den Eltere festgeluegt: déi eng si vun der Noutwennegkeet vun enger substantieller Erhéichung vun de Minervalen iwwerzeegt, déi aner gesinn doduerch de Museksunterrecht an d'Aarbechtsplazen a Gefor.

Firwat net zum Beispill méi Gemenge mat an de Syndikat ophuelen, d'Verantwortung an d'Käschten op deem Wee équitabel op méi Schëllere verdeelen?

**Firwat net zum Beispill méi Gemenge mat an de Syndikat ophuelen, d'Verantwortung an d'Käschten op deem Wee équitabel op méi Schëllere verdeelen?**

An deem ganzen Débat ass eng Iwwerleeung an d'Spill komm, déi vläicht an der Kakophonie ënnergaangen ass, mä déi et derwäert ass, eescht geholl ze ginn. Den Ettelbrécker Buergermeeschter huet gemengt, et wäer un der Zäit, grondsätzlech iwwert eng Neigestaltung vun der Finanzéierung vum Museksunterricht nozedenken – an dat am Kader vun der Territorialreform, fir esou d'Käschte méi gerecht tëscht de Gemengen an dem Staat ze verdeelen. Nëmmen esou kéinten d'Gemengen hirer Verantwortung gerecht ginn am allen hire Bierger ee qualitativ héichwäertegen a villfältege Museksunterrecht ubidden.

*Kulturkronik um radio 100,7 all dënschdes um 07.55 an 12.50*

*Kulturkronik vum 20.3.2007*

*De Guy Engels ass Museksredakter beim radio 100,7.*